

ALA-ZEITUNG

04 | 2022



Editorial

- M. Tom Petit

ala aktuell

- Zesummenaarbecht mat Zitha
- D'Woch vun der mentaler Gesondheet bei der ala
- Neues vom therapeutischen Dienst der ala
- De Service Hotellerie vun der ala stellt sech vir
- Iwwerleeungen zu fräiheetsentzéiende Moosnamen
- „Meet & Greet“ vun den neie Mataarbechter mam Directoire vun der ala
- Spenden/Dons ala
- Mitglied werden/Devenir membre

Zum Thema Demenz

- Info-Zenter Demenz
- Alzheimer Europe

- Spenden/Dons Fondation Alzheimer

Agenda

- Cours fir betrafte Familljen
- Permanence vun der ala am Centre médical zu Wëntger
- Familljekrees
- Helpline
- Unterstützte Selbsthilfegruppe
- ala plus, unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst
- D'ala recrutéiert

- Informationsversammlungen am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“

Impressum

Oplag 1.750 Ex. 4 Mol d'Joer
Editeur Association Luxembourg Alzheimer ASBL
Redaktioun Association Luxembourg Alzheimer
T. 26 007 - 1
F. 26 007 - 205

Mat frëndlecher Ënnerstëtzung vum



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région



D'Chrëschtbullen um Cover vun dëser Zeitung
goufe vum Konschtatelier vun der ala realiséiert.



EDITORIAL

M. Tom Petit
Chef de service ressources humaines

„Et gëtt keng Formel fir en ideale Mataarbechter. Et ass ganz einfach de Mënsch a seng Perséinlechkeet, déi den Ënnerscheed maachen.“

Et ass kee Geheimnis, dass et am Moment eng vun deene gréissten Erausforderungen ass, Persounen ze fannen, déi wëllen an der Fleeg oder am soziale Secteur schaffen. Dëst bréngt mat sech, dass déi verschidden Träger alles an d'Weeër lee-de mussen, fir d'Kandidaten op sech opmierksam ze maachen an hir Kreativitéit ënner Beweis ze stellen.

Nieft der Erausforderung, op d'ala als Employeur opmierksam ze maachen, ass et der ala wichteg, dass de Kandidat, dee sech fir e Poste mell, sech mat eise Wäerter an eiser Philosophie identifizéiere kann.

Am Virfeld vun den Astellungsgesprécher gëtt gekuckt, ob de Kandidat déi néideg Studien an technesch Kompetenzen huet. Dëst erméiglecht eis, während den Astellungsgesprécher, de Schwéierpunkt op d'Persoun an de Fokus op hir Perséinlechkeet, respektiv hir perséinlech Astellung, ze setzen. Dëst ass immens wichteg,

zemoools well mir all d'Mataarbechter vun der ala als mündeg Partner ugesinn an dës Voraussetzung ass fir eist iewescht Zil – d'Ënnerstëtzung vum Mënsch mat enger Demenz a sengem Ëmfeld – ze erreechen.

Mat der Vergrësserung vum Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ an dem weideren Ausbau vun ala plus, eisem Hëllef- a Fleegegedéngscht doheim, sicht d'ala bis Enn 2023 nach ronn 120 Mataarbechter, sief dëst Deel- oder Vollzäit-Kontrakter.

Dir sidd interesséiert, méi gewuer ze ginn, respektiv kennt eng Persoun, déi Interessi huet? Da ginn et déi kllassesch Weeër, wéi op eisen Internet-Site kucken ze goen oder ee vun eise 4 geplangten Informationsowender iwwert d'Vergrësserung ze besichen.

Dir kënn och en anere Wee aschloen an eis ronn 350 Mataarbechter froen, firwat se bei der ala schaffen. Oder stellt hinnen d'Fro:

„Wat ass Är Motivatioun fir all Dag op en Neits mat Mënsche mat enger Demenz ze schaffen?“

ALA AKTUELL

Zesummenaarbecht mat Zitha



Fir gemeinsam eng nohalteg Kultur vun „Palliativ Care“ ze fërderen an ze erhalen, a fir d'Formatioun „Annäherung an Palliative Care und an die Begleitung des Lebensendes“ vun Omega 90 kënne reegelméisseg unzëchen, gouf de 26. September offiziell de Kollaboratiounskontrakt tëschent Zitha an der Association Luxembourg Alzheimer (ala) ënnerschriwwen.

Dëst Engagement erlaabt eis, d'Ausbildung fir d'Mataarbechter vu béiden Institutiounen an engem gemeinsamen Austausch vu Kompetenzen an am Kader vu gudde Praktiken ze fërderen.

D'Weiderbildung ass eng wichteg Viraussetzung fir d'Betreiung vu schwéier kranke Mënschen a Mënschen um Enn vun hirem Liewenswee. Et soll eis ënnerstëtzen, d'Liewensqualitéit vu stierwende Mënschen doheem oder an der Institutioun, bis déi lescht Stonnen ze garantéieren, an och hir Famill oder dat direkt Ëmfeld ze begleeden.

Mat Zitha hu mir e Partner fonnt fir e gutt Gelénge vun enger kollegialer a multi-professioneller Zesummenaarbecht.



D'Woch vun der mentaler Gesondheet bei der ala

Am Kader vun der Woch vun der mentaler Gesondheet, déi vum 10. bis de 16. Oktober stattfonnt huet, hu mir Fotoe vun de Mataarbechter vun der ala mat der grénger Schläif op Facebook, Instagram a LinkedIn gepost. Déi gréng Schläif steet als Symbol fir déi mental Gesondheet. Op Facebook konnten d'Leit hir Liblingsfoto liken. Déi Foto mat de meeschte Liken huet e flotte Präis gewonnen an dat war déi vum Foyer „Villa Reebou“ vun Diddeleng (déi éischt Foto vu lénks). Zu Ierpeldeng am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ huet och e gratis Cours „Éischt Hëllef fir psychesch Gesondheet“ stattfonnt. Dës Coursë si finanziert gi vun der Œuvre Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte.



Neues vom therapeutischen Dienst der ala „Jeder, der will, kann Yoga praktizieren. Jeder kann atmen und daher kann jeder Yoga praktizieren.“

Seit einigen Monaten bietet der therapeutische Dienst der ala Yoga an. Die Teilnahme eignet sich für jeden, der Freude an Bewegung hat, unabhängig von Alter, Geschlecht und dem allgemeinen körperlichen Zustand. Das Praktizieren von Yoga spricht den Menschen als ganzheitliches System an. Dabei sind Körper, Atem und Geist im Einklang.

Das ganzheitliche Konzept des Yoga ist ideal, um sich selbst zu spüren, den eigenen Körper wahrzunehmen und über den Atem Kontakt zum jetzigen Moment aufzunehmen.

Durch sanfte Yogaübungen wird die Beweglichkeit in den Gelenken erhalten, die Muskulatur gekräftigt und das Körpergefühl und -schema stimuliert. Dadurch können nicht nur die Beweglichkeit und Koordination der Teilnehmer verbessert werden, sondern auch die Kraft und Ausdauer gesteigert werden. Des Weiteren können Spannungszustände reduziert und somit die Stimmungslage verbessert werden.

Die Yogaeinheiten finden in der Eins-zu-eins-Betreuung oder in einer Kleingruppe, unter Berücksichtigung der Möglichkeiten des Einzelnen, statt. Somit werden ebenfalls die Sozialkompetenzen und die kommunikativen Fähigkeiten der Bewohner erhalten und stimuliert.

Zur Anpassung an die Bewohner finden die Yogaeinheiten nicht im Stehen, sondern im Sitzen auf dem Stuhl statt.

Die Reaktionen und Rückmeldungen der Teilnehmer sind nach den Yogaeinheiten ausgesprochen positiv. Die Bewohner fühlen sich entspannt und freuen sich stets auf die nächste Sitzung.

therapeutique@alzheimer.lu



maison de séjour et de soins
beim goldknapp

De Service Hotellerie vun der ala stellt sech vir



„Man ist, was man isst.“

Ludwig Feuerbach als Vordenker
der Gastrosophie

Stellt Iech vir, dass dir all Dag doheem fir on-
geféier 200 Bewunner/Dagesgäschzt zoustän-
neg sidd, fir dass et hinne gutt geet. Dëst ass
d'Aufgab vum Service Hotellerie. Natierlech ass
och d'Wuelergoe vun eisem Personal wichteg.
Dofir lancéiere mir mat eiser Direktioun reegel-
méisseg Aktiounen, bei deenen z. B. Glacen aus-
gedeelt ginn oder e Stéck Kuch asw.



De Service Hotellerie, dat ass ...

+/- 6000 km/Joer, déi eis Magasinieren duerch
d'Haus ginn, fir d'Wuere bei eis Bewunner/Mat-
aarbechter ze bréngen,
+/- 35 Tonne/Joer Wäsch, déi mir verdeelen,
+/- 150 Tonne/Joer Liewensmëttel/Non Food,
déi akaaft ginn an dann op der Plaz bei de Be-
wunner/Dagesgäschzt preparéiert, verschafft a
gekacht ginn.

Bei der ala steet d'Iessen am Vierdergrond. Mir
hunn och e Conseil, deen dëst ënnerstëtzt, an do-
duerch kënnen mir eise Bewunner/Dagesgäschzt
en héije Standard u Qualitéit vun Iesswuere
zerwéieren.

Zu Ierpeldeng an eisem Wunnheem hu mir eist
Personal, wat nach op der Plaz an eiser „Cuisine
thérapeutique“ all Dag d'Iesse frësch zoubereet

an Zesummenaarbecht, sou wäit wéi méiglech,
mat eise Bewunner. Dëst ass eng ganz grouss Er-
ausforderung, déi eist Personal an der Kichen
all Dag wonnerbar bewältegt.

Natierlech si mir eis bewosst, wéi de weltwäi-
ten Zoustand vun eiser Ëmwelt am Bezuch op
eis Liewensmëttel momentan ass. Een Drëttel
vun alle Liewensmëttel, déi weltwäit produzé-
iert ginn, ginn ewechgehäit! Dës Zuelen huet de
Welternerungsprogramm vun de Vereenten Na-
tiounen (WFP) publizéiert.

Zënter 2007 kache mir fir eis Bewunner/Dages-
gäschzt lokal frësch Liewensmëttel a probéieren
dëst all Dag nees esou gutt ze maachen, wéi
nëmme méiglech.



Mat eiser Betriebsphilosophie – mat lokale
Fournisseure schaffen, seasonsbedéngt aka-
fen, Liewensmëttel zäitno verschaffen – pro-
béiere mir eise kleng Bäitrag ze leeschten, fir
d'Ëmweltbelaaschtungen ze minimiséieren.

Ënnert dem Stréch ass eis Aufgab ganz einfach.
Mir müssen, sollen a wëllen, dass et deene Leit
gutt geet, ëm déi mir eis këmmere.

Iwwerleeungen zu fräiheetsentzéiende Moosnamen



„Leicht und schnell ist der Gedanke, aber schwer ist und unendliche Geduld erfordert der Umgang mit der Wirklichkeit.“

Karl Jaspers

Carol Streff fir den Ethikkomitee vun der ala

Eng Zeen am Spidol ...

Passage am Spidol an der Urgence. Endlech kommen ech drun, no laanger Waardezäit dierf ech an d'Praxiszëmmer, awer och hei waarden ech eng gefillten Éiwegkeet op den Dokter. D'Dier steet op an aus dem Gank héieren ech ënnert an-rem eng fragil Stëmm, déi repetitiv jéimert. „Ass da keen do? Joffer, hei sinn ech, kënnt da keen?“

Am Gank läit eng eeler kleng Fra, liicht bekleet mat engem Nuetsläpp an engem Bett, d'Bettschéiere sinn erop. Si kuckt op de Plaffong. Jidderee kann d'Fra héieren a gesinn, awer kee schwätzt mat hir.

Meng Gedanke schloe Kopplabunz: esou wëll ech net hei leie mussen, esou ëffentlech, entbléist am Nuetsläpp. Wéi laang ass d'Madamm schonn hei? Ech ertappe mech derbäi, wéi ech der Fra d'Decken eropzéie wëll, eng Mataarbechterin kritt dëst mat an iwwerhëlt dëst schnell a seet der Fra: Et kënnt gläich ee bei Iech ...

Wat ass dat „gläich“, wann ech selwer schonn eng gefillten Éiwegkeet hei sëtzen, selwer all Zäitgefill verluer hunn? An d'Fra, zwar frou een ze gesinn deen hir zouschwätzt, wierkt net besonnesch erliichtert. D'Fra schéngt op sech eleng gestallt ze sinn.

Mäin zoustännegen Dokter ass elo bei mir ukomm a wonnert sech firwat ech net am Praxiszëmmer sëtzen, mee an der Dier stinn ... „D'Madamm am Gank ...“ „Jo, do këmmert sech gläich een drëm ...“ Mäi Gedanken: Sot der Fra dëst a frot se, wéi et hir geet ... an huet dëse Mënsch wouer.

Esou Zeenen hunn ech méi oft beobacht, wann ech als Begleetpersoun Bewunner mat enger Demenz aus dem Fleegeheim an d'Spidol begleet hunn. Ech hunn ëmmer geduecht, wat fir eng Chance déi Leit hunn, déi begleet kënne ginn. Si goufen net eleng stoe gelooss, si goufen net ugestréckt oder onbeuecht. Wann et hektesch am Spidol zougangen ass, wat och absolut verständlech ass fir jiddereen, hunn d'Begleetpersounen de Part iwwerholl, fir d'Wuel an d'Wärd vum Mënsch ze suergen.

Am Ethikkomitee vun der ala schaffe mir zur Zäit un engem Projet iwwer fräiheetsentzéiend Moosnamen an eist Haaptuleies an dëser Thematik ass d'Sensibilisatioun. Wat sinn FEM? Fir dech, fir mech, fir d'Gesellschaft?

Esou munch wohlwollenden oder routinéierten Handgrëff ass schnell gemaach, awer ass dëst am Sënn vun der Persoun, déi ee begleet.

Wéi oft huet een och am Fleegeheim eng Persoun am Rollstull bei den Dësch gesat, mat festgesate Bremsen, a sot, ech komme gläich erëm. Wann d'Persoun da selbstänneg war, ass dat kee Problem gewiescht, si konnt d'Bremse lassmaachen a fortfueren. Awer déi Persoun, déi dëst net konnt, war eisem „gläich“ ausgeliiwert. Sécherlech goufen d'Bettschéieren zur Sécherheet eropgemaach oder d'Bremse festgestallt. Stuerzprophylaktesch, oder?

Am Ethikkomitee wëlle mir erreechen, dass sech d'Begleetpersoun bewusst gëtt, wat se sou schnell, eventuell och routineméisseg mécht.

Dass eng Reflexioun gemaach ka ginn: Ass dat elo korrekt fir déi Persoun, déi an eiser „Obhut“ steet, an ass dat korrekt fir mech.

An dës Reflexioun fléissen dann och d'Wärter mat eran: vun der Institutioun, vun der Gesellschaft, d'Mëscherechter, perséinlech Wärter, Biografien a Liewensphilosophien.

Et erfuerdert dann, wéi de Karl Jaspers et korrekt ausdréckt, scho vill Gedold, awer och Verantwortungsbereitschaft a Kreativitéit, fir sech d'Fro ze stellen: Ass dës Moosnam néideg, gerechtfäerdigt an/oder wéi kann ech se ëmgoen, a ginn et eventuell Alternativen? Heirunner schaffe mir.

Mir wëllen erreechen, dass sech méi d'Fro gestallt gëtt, wat engem seng Aarbecht a Präsenz bei enger Persoun mat Demenz ausmécht an, dass zesumme gekuckt gëtt, wéi d'Liewensqualitéit an d'Würd vum Mësch erhale bleiwe kann.

D'Membere vum Ethikkomitee wënschen Iech all schéin a gemittlech Feierdeeg a vill Gedold fir 2023!



„Meet & Greet“ vun den neie Mataarbechter mam Directoire vun der ala

Den 13. Oktober huet e „Meet & Greet“ vum Directoire vun der ala mat den neie Mataarbechter zu Ierpeldeng am Wunn- a Fleegeheim „Beim Goldknapp“ stattfonnt. Dëst Zesummekommen ass an d'Woch vun der mentaler Gesondheet gefall an dofir haten all d'Mataarbechter an d'Membere vum Directoire déi gréng Schläif un, déi als Symbol fir déi mental Gesondheet steet.



Sie möchten die ala auch unterstützen?

Als Privatperson, Verein, Service-Club oder als andere Vereinigung können Sie unsere Arbeit unterstützen, indem Sie z. B. den Erlös von Wohltätigkeitsbasaren, Theateraufführungen oder sonstigen Feiern an die „Association Luxembourg Alzheimer“ spenden.

Konten der Alzheimer-Vereinigung:

CCPL: LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE: LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL: LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA: LU03 0090 0000 0640 0493

Die Spenden an die ala sind nicht steuerlich absetzbar.

Vous aussi, vous souhaitez soutenir l'ala ?

En tant que particulier, association, club de services ou autre organisation, vous pouvez nous soutenir en reversant, par exemple, les recettes de ventes de bienfaisance, de représentations théâtrales ou d'autres manifestations à l'Association Luxembourg Alzheimer.

Les comptes de l'Association Alzheimer :

CCPL : LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE : LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL : LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA : LU03 0090 0000 0640 0493

Les dons à l'ala ne sont pas déductibles fiscalement.

MITGLIED WERDEN

Beitrittsformular

- ☐ Ich möchte Mitglied der ala werden und überweise meinen Jahresbeitrag in Höhe von 20,00 € auf ein Konto der ala.

Name: _____

Vorname: _____

Straße: _____

PLZ/Ort: _____

Tel.: _____

DEVENIR MEMBRE

Formulaire d'adhésion

- ☐ Je souhaite devenir membre de l'ala et je verse ma cotisation annuelle de 20,00 € sur un des comptes de l'ala.

Nom : _____

Prénom : _____

Rue : _____

Code postal/Localité : _____

Tél. : _____



Zurücksenden an // À renvoyer à :

Association Luxembourg Alzheimer asbl
B.P. 5021
L-1050 Luxembourg

Konten der ala // Les comptes de l'ala :

CCPL: LU17 1111 0004 6577 0000
BCEE: LU50 0019 1000 4179 5000
BGLL: LU91 0030 1129 3258 0000
CCRA: LU03 0090 0000 0640 0493

Was versteht man unter „Frühdemenz“?

Von Christine Dahm-Mathonet, Direktionsbeauftragte Info-Zenter Demenz

Seit einiger Zeit kann man verstärkt von „Menschen mit einer Frühdemenz“ lesen oder hören. Und das ist gut so, denn immer mehr Personen sind betroffen und lange ist diese Personengruppe übersehen worden.

Doch was versteht man eigentlich unter den Begriffen „Frühdemenz“ oder „Frühbetroffener“?

Frühe Demenzbetroffene sind junge Menschen, die kognitive Beeinträchtigungen entwickeln oder eine Demenzdiagnose erhalten. Also nicht Siebzig- oder Achtzigjährige, sondern Personen, die vielleicht 50 oder 60 Jahre alt oder noch jünger sind. Dies ist nicht zu verwechseln mit (u. a. auch älteren) Menschen, die in ihrer Demenz-Erkrankung in einem frühen Stadium sind, deren kognitive Beeinträchtigungen (Gedächtnis, Orientierung, Aufmerksamkeit usw.) also vergleichsweise moderat sind.

Frühdemenz und Beruf

Menschen, die an einer Frühdemenz erkranken, sind meist noch berufstätig. Um Missverständnissen, Gerüchten und Ausgrenzung vorzubeugen, sollten die Betroffenen am Arbeitsplatz offen mit ihrer Erkrankung umgehen. Oft können sie mit ihren Vorgesetzten und Kollegen neue Aufgaben finden, die ihren Fähigkeiten und Bedürfnissen entsprechen.

Tatsächlich werden nicht selten Symptome wie Konzentrationsstörungen oder rasche Ermüdung bei Menschen im Alter zwischen 40 und 65 Jahren fälschlicherweise auf Depressionen oder Burnout zurückgeführt. So vergeht manchmal

viel Zeit, bis die Betroffenen eine richtige Diagnose erhalten.

In dieser Phase ist die Unsicherheit bei allen Beteiligten groß. Die Erkrankten können ihre Leistungsdefizite nicht richtig einordnen, und ihre Kollegen oder Vorgesetzten interpretieren die Auffälligkeiten nicht selten als Unfähigkeit oder fehlende Motivation.

Arbeiten ist auch mit einer Demenz möglich

Falls der Erkrankte weiterhin beschäftigt bleiben will, sollte man gemeinsam überlegen, welche Tätigkeit er sich noch zutraut und ausführen möchte. Gerade am Anfang einer demenziellen Erkrankung hat der Betroffene oft noch genügend Fähigkeiten, um Aufgaben selbstständig zu bewältigen. Oft genügt es, den Arbeitsplatz an seine Fähigkeiten und Bedürfnisse anzupassen, zum Beispiel durch ein verringertes Arbeitspensum oder flexiblere Arbeitszeiten.

Von einer vorschnellen Kündigung oder unüberlegten Vorruhestandsregelung ist abzuraten. Sinnvoll ist es, sich im Vorfeld solcher Entscheidungen beraten zu lassen und nicht voreilig zu handeln.

Wenn Vorgesetzte bemerken, dass ein Arbeitnehmer mit seinen Aufgaben nicht mehr zurechtkommt, sollten sie das Gespräch mit ihm suchen und die Schwierigkeiten thematisieren. Wichtig ist, den Betroffenen mit Verständnis zu begegnen, denn sie befinden sich in einer sehr belastenden Situation.

Es sollte aber für jedes Unternehmen ein Ziel sein, ein Arbeitsumfeld zu schaffen, in dem das Thema Demenz kein Tabu ist, (auch) Betroffene sich respektiert fühlen und die Möglichkeit haben, im Betrieb zu partizipieren.

Lebensplanung bei Frühdemenz

Nicht alle Menschen mit einer Demenzerkrankung haben jedoch den Wunsch, weiterhin im Arbeitsleben zu bleiben. Sie möchten vielleicht die Gelegenheit nutzen, Pläne umzusetzen, die sie eigentlich später realisieren wollten. Oder sie haben nicht mehr die Kraft, um etwa einen längeren Arbeitsweg auf sich zu nehmen. Diese Wünsche sind auf jeden Fall zu respektieren.

Fragen?

Falls Sie Fragen zum Thema „Frühdemenz“ haben, entweder als Betroffener oder als Personal-Verantwortlicher eines Unternehmens, können Sie sich gerne an das Info-Zenter Demenz wenden (per Telefon unter 26 47 00 oder per Mail an info@demenz.lu). Wir nehmen uns Zeit für ein persönliches Gespräch.



Das Info-Zenter Demenz ist die nationale Informations- und Beratungsstelle für alle Fragen rund um das Thema Demenz.

Tel.: 26 47 00

E-Mail: info@demenz.lu

Web: www.demenz.lu

facebook: Info-Zenter Demenz

Alle unsere Dienstleistungen sind kostenlos.

**CONFUSION
ÉMOTIONS
DÉMENCE**

L'Info-Zenter Demenz
est là pour vous.

www.demence.lu Tél. 26 47 00



Sur la photo (de gauche à droite) : Cătălina Tudose, Diana-Loreta Păun, Iva Holmerová, Marjolein de Vugt, Chris Roberts

La 32^e conférence Alzheimer Europe, « Building bridges », s'est tenue du 17 au 19 octobre 2022 à Bucarest sous forme d'événement hybride. 544 participants ressortant de 42 pays y ont assisté et l'ordre du jour comprenait plus de 250 présentateurs.

Iva Holmerová, présidente sortante d'Alzheimer Europe, a ouvert la conférence en souhaitant tout particulièrement la bienvenue aux 22 personnes atteintes de démence présentes parmi les délégués, ainsi qu'aux personnes qui les soutiennent. Faisant écho au thème de la conférence, elle a déclaré : « Nous espérons "jeter des ponts" par-delà les frontières européennes, pour faire en sorte que les bonnes pratiques en matière de soins aux personnes atteintes de démence et les innovations en matière de diagnostic et de traitement soient également accessibles sur l'ensemble du continent européen. » Alors que nos pays se remettent lentement de l'impact de la pandémie, notre continent a malheureusement vu le retour de la guerre. Bien que cela soit désespérant, elle a souligné qu'elle était encouragée par les pays voisins qui accueillent les Ukrainiens fuyant le conflit et par les organisations soutenant les réfugiés atteints de démence

et leurs aidants. Elle a souligné le travail essentiel du Groupe de travail européen sur les personnes atteintes de démence (EWGPWD) et la collaboration qu'Alzheimer Europe a développée avec le réseau INTERDEM. Elle a aussi informé les délégués de sa décision de se retirer du poste de présidente d'Alzheimer Europe. « L'organisation s'est beaucoup développée depuis que je suis ici et je suis très fière de nos réalisations, notamment de notre capacité à donner véritablement la parole aux personnes atteintes de démence et à les intégrer dans tous nos travaux », a-t-elle déclaré. Elle a également félicité chaleureusement son successeur, la Portugaise Maria do Rosário Zincke dos Reis.

Les délégués ont également été accueillis par Diana-Loreta Păun, conseillère présidentielle de la Roumanie, Chris Roberts, président de l'EWGPWD, Marjolein de Vugt, présidente d'INTERDEM (Early detection and timely INTERvention in DEMentia) et Cătălina Tudose, présidente de la Societatea Română Alzheimer. La cérémonie d'ouverture a été suivie d'un discours-programme prononcé par Alexander Kurz, Klinikum rechts der Isar, Université technique de Munich, Allemagne, intitulé « Building bridges - Promoting good dementia care through pan-European collaboration ». Les autres séances plénières de la conférence avaient pour thèmes : « Aller au-delà de la pandémie de Covid-19 », des sujets liés à la santé du cerveau et à la prévention, « Construire des ponts à travers l'Europe » et « Redonner la priorité à la démence en matière de soins, de politique et de recherche ». Lors de la cérémonie de clôture de la conférence, le « Adoptieproject : Jong adopteert Oud » (projet d'adoption, les jeunes adoptent les vieux) de l'Alzheimer Centrum Limburg (Pays-Bas) a été annoncé comme le gagnant du nouveau prix anti-stigmatisation d'Alzheimer Europe. Ensuite, les commentaires de clôture ont été faits par Cătălina Tudose et Maria do Rosário Zincke dos Reis.



D'Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer felicitéiert dem Här René Friederici, Member vum Verwaltungsrat a vum Exekutivbüro vun der ala, dee fir déi zweete Kéier an de Verwaltungsrat vun Alzheimer Europe gewielt ginn ass.



Spenden an die Alzheimer-Stiftung

Mit Ihrer Spende an die Alzheimer-Stiftung können Sie die Projekte der ala unterstützen.

Die Alzheimer-Stiftung ist eine gemeinnützige Vereinigung und kann steuerlich absetzbare Spenden entgegennehmen. Die Spenden werden für globale Projekte der ala genutzt.

Konten der Alzheimer-Stiftung:

BCEE: LU06 0019 1000 6828 3000

BILL: LU11 0029 1565 1646 9200

BGLL: LU49 0030 1128 5679 0000

Dons au profit de la Fondation Alzheimer

Grâce à vos dons au nom de la Fondation Alzheimer, vous soutenez les projets de l'ala.

La Fondation Alzheimer est reconnue d'utilité publique et peut recevoir des dons qui sont déductibles sur la déclaration d'impôts. Les dons sont utilisés pour des projets globaux de l'ala.

Les comptes de la Fondation Alzheimer :

BCEE : LU06 0019 1000 6828 3000

BILL : LU11 0029 1565 1646 9200

BGLL : LU49 0030 1128 5679 0000



Mir drécken de Famillje vun de Verstuerven en eist déifst Matgefill aus
a soen e grouse Merci fir hir Ënnerstëtzung.

Madame Eugénie Thill-Reuter
Monsieur Raymond Arend
Madame Thésy Thielen-Huberty
Madame Mady Dieudonné-Adam
Madame Suzette Feltes-Lanners
Madame Marie-Thérèse Deischer-Thilgen
Madame Maria Emilia Fernandes Correia
Madame Léa Duprez
Monsieur Bernard dit Ben Schlessen-Schickes
Madame Anni Balmann-Juchemes
Madame Margot Schroeder
Monsieur Vic Collignon
Madame Irma Greisch-Kloostermeyer
Monsieur Fredy Kertz

Monsieur David Arendt
Madame Giannina Comodi-Riganelli
Madame Arlette Bellwald-Marsault
Madame Marie-Thérèse Bianchy-Menoncin
Monsieur Jean Hellenbrand
Monsieur Robert Mathias Portzen
Monsieur Marcel Sauber
Monsieur Jos Sünner
Madame Marie-Louise Feider-Mehlinger
Madame Gilda Tessaro-Castellan
Madame Eve Thurpel-Ettinger
Monsieur Ernest Lemmer
Madame Michèle Woeffler-Larue
Monsieur Ivan Bouvy

AGENDA

Cours fir betraffe Familljen



Wann e Mënsch un Alzheimer oder enger aner Form vun Demenz erkrankt, bréngt dat eng ganz Rei vu klengen a grouse Verännerunge fir d'ganz Famill an d'soziaalt Ëmfeld mat sech.

D'Betreiung vun engem Familljemember oder enger Persoun aus dem Bekanntekrees mat Alzheimer/Demenz stellt eng grouss kierperlech an emotional Erausfuerderung duer.

Den Inhalt vum Cours

- Informatioun iwwer d'Demenz
- Austausch mat anere betraffene Familljememberen
- Kommunikatioun mat der betraffener Persoun
- Ëmgang mat de Verhalensweise vum Mënsch mat Demenz
- Informatioun iwwer d'Ënnerstëtzungsméiglechkeeten
- Praxistipps fir den Alldag

D'Ziler vum Cours

- Familljememberen entlaaschten
- Versteesdemech fir de Betraffenen entwéckelen

Umeldung per Telefon um 26 007-1
oder per E-Mail: info@alzheimer.lu

De Cours ass gratis
an adresséiert sech u
Privatpersounen.
Informatiounen zu den
Datumen an de
Raimlechkeete vum Cours
fannt Dir op
www.ala.lu

Mat frëndlecher Ënnerstëtzung vum



Permanence vun der ala am Centre médical zu Wëntger

E Basisverständnis vun Demenz reduzéiert d'Onsécherheet vun de Betraffenen an hire Familljen. Während eiser Permanence steet Iech eise Sozial- a Koordinatiounsdéngscht mat Rot an Dot zur Säit.

- Dir kritt Informatiounen iwwer d'Krankheet, d'Symptomer an d'Ënnerstëtzungsofferen (Hëllefsdéngschter doheem, Dagesfleeg ...).
- Dir kritt Hëllef bei der Entlaaschtung vun de Familljememberen.
- Mir hëllefen Iech bei der Organisatioun a Koordinatioun vun den Hëllefsofferen am Kader vun der Fleegeversécherung.

- Mir bidden Hëllef an Ënnerstëtzung bei administrativen Aufgaben.
- Mir kënnen eng individuell ugepasste Léisung mat Iech zesummen ausschaffen.

Dir wëllt méi Informatiounen oder e Rendez-vous huelen, fir e perséinlecht Berodungsgespräch? Da rufft eis un op der Nummer 26 007-1.

D'Permanence fënnt statt all Dënschdeg vun 9.00 bis 13.00 Auer an der Maison médicale | 43, Hauptstrooss | L-9780 Wëntger.

Familljekrees

Gesprächsgruppen für Angehörige und Bezugspersonen von Menschen mit Demenz

Gruppentreffen

im ca. 4-Wochen-Rhythmus

**Jeden 2. Dienstag im Monat
von 15.30 bis 17.00 Uhr***

In den Räumlichkeiten des
Wohn- und Pflegeheimes „Beim Goldknapp“
8, Gruefwee | L-9147 Erpeldingen an der Sauer

Sie erfahren Entlastung unter anderem durch

- den Austausch mit Menschen in einer ähnlichen Situation,
- neue Wege im Umgang mit den Betroffenen,
- neue Möglichkeiten der Bewältigung,
- Geselligkeit und Freude.

Die Gruppen werden durch den psychologischen Dienst der ala begleitet. Inhaltlich stellen wir uns auf die Themen ein, die von den Familien gewünscht und eingebracht werden.

Die Teilnahme an der Gruppe ist kostenfrei.

* Aufgrund der Corona-Pandemie können die Tage und Uhrzeiten abweichen.

Falls Sie Fragen haben oder an einer Teilnahme interessiert sind, melden Sie sich gerne unter der Nummer: 26 007-452.



Mit freundlicher Unterstützung des



Helpline ala 26 432 432

Oft fällt es Betroffenen und Angehörigen nicht leicht, Beratung und Unterstützung in Anspruch zu nehmen. Leicht zugängliche Angebote, wie die Helpline, die spontan und von jedermann in Anspruch genommen werden können, helfen diese Barriere zu überwinden.

Mit der Helpline ist die ala Ansprechpartner für Situationen, in denen kompetente Soforthilfe benötigt wird.

Mit freundlicher Unterstützung des



Die Helpline ist täglich rund um die Uhr erreichbar. Unsere Fachkräfte:

- geben kompetente und praktische Ratschläge in Notfallsituationen,
- informieren über Anlaufstellen,
- bieten emotionale und psychologische Unterstützung.

Auf diese Weise können wir auch in heiklen Situationen helfen, Lösungen auf den Weg zu bringen, die zum Wohle aller Beteiligten sind.

Alle Anrufe werden vertraulich und auf Wunsch auch anonym behandelt.

Unterstützte Selbsthilfegruppe für Menschen mit beginnender Demenz

- Sie haben die Diagnose Demenz erhalten?
- Sie fühlen sich überfordert und alleingelassen?
- Sie suchen den Austausch mit Gleichbetroffenen in einem geschützten Rahmen?
- Sie suchen fachliche Unterstützung und Begleitung?
- Sie möchten Ihre Selbstständigkeit erhalten?

Die Gesprächsthemen der Gruppe werden von den Teilnehmern festgelegt und richten sich nach ihren persönlichen Anliegen und Bedürfnissen. Im Vorfeld an das Gruppennangebot führen wir gerne auch persönliche Gespräche zum gegenseitigen Kennenlernen.

Wann und wo:

Jeden 1. Donnerstag im Monat
von 8.30 bis 10.00 Uhr*

In den Räumlichkeiten der ala:
45, Rue Nicolas Hein | L-1721 Luxemburg

Die Teilnahme an der Gruppe ist kostenfrei.

Falls Sie Fragen haben oder an einer Teilnahme interessiert sind, melden Sie sich gerne unter der Nummer: 26 007-1.

Mit freundlicher Unterstützung des



* Aufgrund der Corona-Pandemie können die Tage und Uhrzeiten abweichen.

ala plus ist unser häuslicher Hilfs- und Pflegedienst, der sich ausschließlich an demenzkranke Menschen sowie ihre Angehörigen richtet. Er ermöglicht eine tägliche Betreuung und Beratung dank eines kompetenten und multiprofessionellen Teams.



Leistungen unseres häuslichen Pflegedienstes ala plus

- Leistungen im Rahmen der Pflegeversicherung
- Pflege, Betreuung und Begleitung im Rahmen der Gesundheitskasse (CNS)
- Hilfestellungen im hauswirtschaftlichen Bereich
- Unterstützung pflegender Angehöriger
- Interventionen und Maßnahmen, die die Autonomie fördern
- Präventionsmaßnahmen, die die Lebensqualität verbessern

Vorteile von ala plus

- Demenzspezifische Hilfe und Pflege
- Flexible und individuelle Betreuung
- Qualifiziertes Personal
- Hohe Pflegestandards
- Breites Leistungsangebot

Zweigstellen von ala plus

- Bonneweg
- Beles
- Erpeldingen an der Sauer
- Bad Mondorf

ala plus, der häusliche Hilfs- und Pflegedienst der ala, ist 7 Tage die Woche von 6.00 Uhr bis 22.00 Uhr im Einsatz. Anfragen können per Telefon unter folgender Nummer erfolgen: 26 007-1.

D'ala recrutéiert ...

Iech interesséiert de Beräich Demenz an Dir wëllt Iech doranner weiderentwéckelen?

Dir hutt Erausforderunge gären a sicht en ofwiesslungsräichen Alldag?

Dir sidd kreativ, innovativ a wëllt eppes bewierken?

Aktuell siche mir fir eis verschidde Beräicher:

Ambulant Servicer:

- Aide ménagère nettoyage (m/w)
- Aide socio-familial fir Garden (m/w)
- Aide-soignant (m/w)
- Chauffeur (m/w)
- Educateur (m/w)
- Infirmier (m/w)

Am Wunn- a Fleegeheim zu Ierpeldeng:

- Aide ménagère cuisine (m/w)
- Aide socio-familial (m/w)
- Aide socio-familial en formation (m/w)
- Aide-soignant (m/w)
- Educateur (m/w)
- Infirmier (m/w)



MÉI INFOE FANNT DIR OP EISEM SITE:
WWW.ALA.LU/JOBS



Informationensversammlungen am Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“



D'Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“ zu Ierpeldeng un der Sauer vergréissert sech! Fir eis nei Wunnberäicher fir Mënsche mat Demenz a spezifeschen Erkrankungen recrutéiere mir Personal aus verschiddene Fleege- a Sozialberuffer: Aide-soignanten, Infirmieren, Infirmiers psychiatriques, Educateurs, Aides socio-familiales, Kichenhëllef...



Dir sidd interesséiert?

Da kommt op eis Informationsversammlungen:

- 19. Dezember 2022 um 18.00 Auer
- 25. Januar 2023 um 18.00 Auer
- 22. Februar 2023 um 18.00 Auer
- 29. Mäerz 2023 um 18.00 Auer



Wunn- a Fleegeheem „Beim Goldknapp“
8, Gruefwee | L-9147 Ierpeldeng un der Sauer

Umeldung per E-Mail: ressources.humaines@alzheimer.lu